Rapport d'activités 2025 vun de « Mierscher Geschichtsfrënn »

Zuel vun de Reuniounen an de Memberen

D'Reuniounen :
Ausser eiser AG vum 28. Abrëll 2025 hate mir 7 regulär Reuniounen.
Doniewent si mir e puermol mat Vertrieder vun der Gemeng zesumme komm, fir iwwert eenzel Projeten ze schwätzen, notamment iwwert d'Modalitéite vun dem Zesummeleeë vun eisen an der Gemeng hiren Archiven an iwwert d'Feierlechkeete ronderëm de Commemoratiounsdag.

Eis Memberen :

Am Joer 2025 ass keen neie Member bäikomm (mee 2 Persounen, d'Véronique Bastian an de Romain Bohr haten ugefrot fir Member ze ginn, wat dann och an eiser Reunioun vum 2. Mäerz 26 geschitt ass). Ee Member, de Jhemp Reckinger huet sech aus familiäre Grënn definitiv zeréckgezunn. Eise Veräin hat domat um Enn vum Joer 2025 24 aktiv Memberen, 6 Dammen an 18 Hären. Dozou kommen nach 4 Éiirememberen vun deenen awer leider Madame Jeanny Schoellen-Probst de 19. Januar 2026 gestuerwen ass. Ech géing Iech bieden, opzestoen an ee Moment u si ze denken.

Eis Aktivitéiten

Am Joer 2025 hu mir keng nei Ausstellung gemaach, well mir eis op eisen Ëmzuch an d'Haus Faber wollte konzentréieren. Mir haten dofir, op d'Propositioun vum Funghi, schonn am

November 2024 en Aarbechtsgrupp an d'Liewe geruff, fir eis Dokumenter, Bicher a Fotoen ze katalogiséieren an a Këschten anzepaken. Déi Grupp, un där 10 vun eise Memberen deelhuelen, huet sech Mëttwoch mëttes, 2 bis 3 Mol am Mount, ënnert der fachkënneger Berodung vum Funghi, an eisem Sall getraff, fir esou d'Zesummeleeë vun eisen an der Gemeng hiren Archiven ze preparéieren.

Fir d'Modalitéite vun der Zesummenaarbecht mat dem Archiv vun der Gemeng auszeschaffen, war bei enger Entrevue, déi mir mam Schäfferot , den 13. Januar 2025, haten, festgehale ginn, datt eng **Konventioun** sollt opgestallt ginn an datt esouwuel d'Gemeng wéi eise Veräin e Projet dovu sollten ausschaffen. Vun der Säit vun der Gemeng gouf den Här Allard domat beoptraagt, op eiser Säit huet de Jeng Sinner sech dëser net einfacher, juristescher Aarbecht ugeholl. An enger Reunioun vum 30. Juli 2025, déi mir mam Schäfferot haten, huet den Här Buergermeeschter eis hire Projet virgestallt, a mir konnten e mat eisem Projet, deen de Jeng ausgeschafft hat, vergläichen. Am grousse Ganzen hunn déi zwee Projeten iwwerenee gestëmmt, mee et bloufen awer nach eng Rei Detailer ze klären. De Jeng huet eng genee Analys vum Projet vun der Gemeng gemaach an en amendéierten Text opgestallt. Deen Text gouf an eiser Reunioun vum 27. November diskutéiert a mat e puer Enthalungen ugeholl. An enger leschter Reunioun, den 29 Januar 2026, mam Här Allard vun der Gemeng, si mir dunn iwwert den definitiven Text vun der Konventioun eens ginn, esou datt e vum Schäfferot a vun eisem Kommitee konnt ënnerschriwwe ginn

Esouvill zu eisen Aktivitéiten en vue vum Plënneren an d'Haus Faber. Op e puer Besichtigungen am Haus selwer, zesumme mam Här Dallo vun der Gemeng, fir de Fortschrëtt vun den Aarbechten ze gesinn, ginn ech net weider an.

Eng aner wichteg Aktivitéit war eis Mataarbecht beim **Film « Lager 103 »,** deen den Erny Kohn mat sengem Team, an de Scoute vum Groupe St. Michel, fir d'Journée de la Commémoration Nationale 2025 gedréint huet.

De Film behandelt d'Thema vun der Ëmsidlung ënnert der Nazi-Okkupatioun, an zwar d'Schicksal vu Lëtzebuerger Famillen, déi d'Land hu misse verloossen an an Däitschland deportéiert goufen, well si dem Nazi-Regime d'kal Schëller gewisen hunn.

Et geet ëm zwou Famillen aus de Gemeng Miersch, vun deene jeeweils ee Member an der Ëmsidlung ëm d'Liewe koum, an där hiren Numm um Monument aux Morts veréiwegt ass, d'Catherine Arendt an de Michel Rehlinger.
Well et zwou Famille sinn, ass de Film op zwee Joer opgedeelt. De Film vum Joer 2025 weist d'Deportatioun vun der Famill Arendt vu Recken, de Film fir de Commemoratiounsdag vun 2026, also deen elo eréischt kënnt, d'Deportatioun vun der Famill Rehlinger vu Miersch.

De Film iwwert d'Ëmsidlung vun der Famill Arendt vu Recken ass an der Kierch um Commemoratiounsdag, den 19. Oktober 2025, gewise ginn. Zwou weider Virstellunge ware Sonndeg, den 23. November, am Mierscher Theater, jeeweils um 15.00 an um 17.00 Auer. De Film mat den Erklärunge vum Erny Kohn ass beim Publikum op grousst Interessi gestouss. Déi zwou Virstellunge waren ausgebucht an et waren ëm déi 600 Leit do. No der Virstellung vu 17.00 Auer huet d'Gemeng e Patt offréiert. Den Ern ass och gefrot ginn, fir de Film op e puer anere Plazen ze weisen, de Lycée Ste Anne du Ettelbréck, de Musée de la Résistance zu Esch, Neimünster… wat hien, wa méiglech mécht oder scho gemaach huet.

Zum Film ass och e Buch erauskomm, dat an e puer honnert Exempläre gedréckt gouf a vill Abnehmer fonnt huet.

Ech well och ervirhiewen, datt ouni déi « groβzügig » finanziell Ënnerstëtzung vun der Gemeng an den Œuvres Grande-Duchesse Charlotte de Film an d' Buch net zustanekomm wieren.

Den zweeten Deel vum Film iwwert d'Ëmsidlung vun der Famill Rehlinger ass am gaang gedréint ze ginn. Spéider ginn déi zwee Deeler dann zu engem eenzege Film zesummegeluecht.

Niewent deenen zwou Haaptaktivitéiten ass nach besonnesch Follgendes ervirzehiewen :

- **D'Konferenz vum Här Bodry iwwert den Notker Becker**

Op eis Invitatioun huet den Här Bodry den 28. Februar eng Konferenz an der Kierch gehalen iwwert de Notker Becker, dee Benediktinermönch aus de Abtei vu Maria Laach, deen d'Molerei vun der Mierscher an och der Diddelenger Kierch an den 1920er a 1930er Jore gemaach huet. Den Här Bodry huet dat remarkabelt Gesamtwierk vum Notker Becker hei zu Lëtzebuerg an am Grenzgebitt duergestallt an d'Nicole Kreins huet den interesséierte Leit Erklärungen zu de Molereien an der Mierscher Kierch ginn. Mir haten och fir Kuch a Gedrénks gesuergt.

- **Den Nachlass vum Robert Weyrich**

D'Nokomme vun eisem fréiere Member, de Robert Weyrich, deen 2024 gestuerwen ass, an d'Gemeng, déi säin Haus kaaft huet, goufen eis d'Erlabnis, fir an d'Haus vum Robert ze goen a seng Dokumenter a Bicher duerchzekucken, fir datt mir déijéineg, déi fir d'Geschicht vu Miersch interessant sinn, an eisen Archiv konnten iwwerhuelen.

- **D'Promenade nocturne zu Miersch**

Freides, den 19. September, hate mir eng « Promenade nocturne » organiséiert, déi op der Méchelsplaz fortgaangen ass a bei där mir Erklärunge ginn hunn zum Draach, zum Alen Tuerm, zur Kierch, zur Réimervilla an zum Schlass. Den Tour war gutt besicht, eng 30 Leit hunn drun deelgeholl. Well et awer oft déi nämmlecht Leit sinn, déi un esou engem Tour deelhuelen, musse mer eis bei dem nächsten Tour awer en anere Circuit afale loossen.

- **De liewegen Adventskalenner**

Mir hunn och, den 12. Dezember, mat enger Presentatioun vun der Réimervilla, deelgeholl um « liewegen Adventskalenner », dee vun der Mierscher Kulturkommissioun organiséiert ginn ass fir de Mierscher Veräiner an och Schoulklassen d'Geleeënheet ze ginn, fir an der Adventszäit een Aspekt vu Miersch duerzestellen.
An engem Virtrag vun 10-15 Minutten sinn de President an de Sekretär op d'Geschicht vun der Villa, den Hypokaustum an d'Saturnalien, also d'Fester, déi Réimer zu där Zäit vum Joer gefeiert hunn, agaangen. D'Nicole Kreins huet Erklärunge ginn iwwert déi chrëschtlech Helleg, déi mat deene Festdeeg a Relatioun stinn. D'Letizia Menei an d'Marianne Friedrich hate

sech vill Méi ginn, fir d'Fënstere vun der Villa ze beliichten an ze dekoréieren. Gutt 20 Leit ware kucke komm a kruten och Glühwäin, Kuch a Kichelcher offréiert. D'Presentatioun war eng Reussite.

- **D'Monument fir de Charles Goffin**

Op Initiative vum Erny Kohn hu mir dem Schäfferot e Projet ënnerbreet, fir dem Charles Goffin, deem belsche Pilot, dee mat sengem Fliger um Enn vum 2. Weltkrich zu Recken erofgefall war, e Monument opzeriichten. De Schäfferot huet op déi Propose positiv reagéiert an eis eng grouss finanziell Ënnerstëtzung zougeséchert, ënnert der Konditioun, datt mir als Geschichtsfrënn Träger vum Projet géinge bleiwen.
Den Ern an de Felix Steichen haten e Gespréich mam Propriétaire vum Hingerhaff, dem Här Koob, op deem senge Lännereien d'Monument géing opgeriicht ginn. Dat Gespréich ass gutt verlaf an de Propriétaire ass d'accord e Stéck Terrain gratis zur Verfügung ze stellen.
Den Ern an den Här Allard vun der Gemeng sinn och an d'Belsch gefuer, bei d'Famill vum Charles Goffin, déi dee Projet och begréisst huet.

- **Artikelen am NIK**

Den Här Moor, dee fir d'Zeitung vun der Gemeng, den NIK, zoustänneg ass, huet eis kontaktéiert, fir datt mir periodesch Artikelen iwwert d'Mierscher Geschicht am NIK géinge publizéieren. Mir hunn zougesot, an sou sinn am NIK vum Juni 2025 zwee Artikele vum Erny Kohn, iwwert d'Anna Pawlowna an de Méchelstuerm erschéngen. Am leschten NIK fann der 2 Artikele vun eisem Präsident, iwwert d'Schlass an d'Schlasskapell. En Artikel vum Jean Marx iwwert d'Entwécklung vu Schëndels erschéngt deemnächst.

Ausser deenen Aktivitéiten, déi ech elo opgezielt hunn, hu mir bei enger Rei vu **Manifestatioune matgemaach** :

Beim Eeneltermaart, wou de Guy Pauly an d'Nicole Kreins eng Féierung duerch d'Reckener Kierch gemaach hunn

Bei der Journée de l'histoire locale zu Viichten, wou vill Lokalveräiner vu Geschichtsfrënn matgemaach hunn, wat eis et erlaabt huet, nei Kontakter ze kréien

Beim Owend vun de neie Bierger, wou mer eis Bicher ausgestallt an eise Veräi virgestallt hunn.

Bei der Lëtzebuerger Denkmalschutzfederatioun , an där de Max Hübsch eis representéiert.

Beim Leader Zentrum Westen, wou den Ern eise Member ass.

Bei den Assemblées générales vun anere Mierscher Veräiner wou mir invitéiert an duerch ee vun eise Memberen, oft duerch eis Vizepresidentin, d'Nicole Kreins, vertruede gi sinn,

Ausser dëse méi ëffentlechen Optrëtter hunn eis Memberen nach u **weidere Projete** geschafft ; ech zielen der elo nëmmen e puer op :

Fir datt den 100-järegen Anniversaire vum Doud vum **Aloyse Kayser,** am Joer 2026, a säi Gebuertshaus net a Vergiess geroden, hunn de Jeng Sinner an d'Lis Weber weider Dokumenter zesummegesicht. Et ass geplangt, en Artikel am NIK ze publizéieren..

Eisen **Internet-Site** ass vum Aldo Teusch « à jour » gehalen a komplettéiert ginn.

Um **Gaston Frings** senger legendärer Chronik vu Miersch, déi bal 1000 Säiten huet, hu mer zu e puer geschafft, fir se kënne Leit, déi un der Mierscher Geschicht interesséiert sinn, zougänglech ze maachen.

De **Paul Eyschen** huet e Buch, mam Titel « Mersch – drei Fluss – Punkt » erausginn. An deem Buch geet hien ënnert Anerem der Fro no, wéi déi 3 Flëss, d'Uelzecht, d'Äisch an d'Mamer, déi zu Miersch zesummekommen, fréier geheescht hunn, a wéi d'Nimm vun den Uertschaften Äischen, Mamer a Miersch entstane sinn. D'Buch huet vill Fotoe mat engem nogesichten historesch erzielereschen Text.

De **Jean-Paul Wagener** hat, de 15. Mee, eng Visite vum Pompjeesmusée vu Miersdrëff fir eise Veräin organiséiert, bei där hien eis erkläert huet, wéi d'Missioun vun de Pompjeeën an der Gemeng Miersch sech am Laf vun der Zäit entwéckelt huet a wat fir eng wichteg Roll d'Pompjeeën am Gemeinschaftsliewe gespillt hunn. Well mir jo och d'lokal Gastronomie wëllen ënnerstëtzen, si mer duerno zesumme bei den « Nuddelskniwweler » iesse gaangen.

Zum Schluss vu mengem Rapport wëll ech awer nach kuerz op **eng Fro** agoen.

Ass Iech schonn opgefall, wann Dir op d'Mierscher Gare gitt, datt un der Gare e Schëld ass, op deem steet « Mersch » an a Klammeren « Luxbg », also Luxemburg ofgekierzt. Deen Zousaz, Luxgb, steet jo awer op kengem anere Gare-Schëld hei am Land. Wiewat da grad zu Miersch ?

Ma, dat Schëld huet en historesche Wäert, well et staamt aus enger Zäit, wou eis Eisebunn virum éischte Weltkrich nach zu Däitschland gehéiert huet. Déi Bunn ass deemools och an Däitschland duerch eng Uertschaft gefuer, déi « Mersch » geheescht huet. Fir eis Gare vun der däitscher ze ënnerscheeden, gouf bei eis (Luxbg) ugehaangen.

An domat halen ech op a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.